ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notamment der entspriechender Beruffsausbildung souwéi hir Integratioun an den ëffentleche Schoulsystem ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt. D'Remuneratioun vu Leit mat engem Meeschterbréif ënnerscheet sech am ëffentlechen Déngscht nämlech deelweis staark vun där vum Personal mat engem akademeschen Ofschloss.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Meeschterbréiwer an de Joren 2000-2020 jeeweils insgesamt ofgeschloss goufen a wéi se sech op déi eenzel Branche verdeelen?
2) Kréie Persounen déi hire Meeschterbréif an Éisträich, an der Schwäiz, an Däitschland oder an Ostbelgien gemaach hunn, dësen hei zu Lëtzebuerg unerkannt sou wéi dat bei hinnen de Fall ass (Niveau 6 laut dem europäesche Qualifikationsrahmen)?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten